



folleg an där Realisatioun. A mir stëmmen dee Projet hei ëmsou léiwer mat.

Villmools Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Kartheiser. Den Här Ausseminister huet d'Wuert.

► **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères.*- Jo, ech wëll och Merci soen, Här President, dem Här Angel fir de Rapport a jiddwerengem och, dee jo schéngt deen Text hei ze stëmmen.

Ech wollt och vläicht e Wuert soen ze deem, wat de Marcel Oberweis gesot huet... Nidderw... pardon!

**(Hilarité et brouhaha général)**

► **Plusieurs voix.**- Oberweis!

► **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères.*- Oberweis gesot huet. Entschëllegt!

► **M. Marcel Oberweis** (CSV).- Dee gouf et emol eng Kéier. En ass dout.

► **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères.*- Ech fannen, dass en dat richteg ervirgestrach huet, wat emergency.lu ugeet. An ech wëll och soen, dass mer jo dat elo fir d'Éischt déployéiert hunn am Südsudan. An am Südsudan ass dat mat grousser Begeeschterung, déi grouss Effikassitéit, opgeholl ginn. Mir sinn och scho gefrot ginn, fir am Pazifik, an der Karibik och do präsent ze si mat deem Instrument.

An ech wëll och vläicht betounen, dass mer elo dat fokusséiere vläicht op d'Katastrophesituationen. Mä dat kann een och déployéieren, wa keng Katastrophe geschéien, wou ee Manktum ass u Kommunikatiounsméiglechkeeten. Och gëtt et scho Länner, déi sech duerfir interesséiert hunn. An ech mengen, wat Der gesot hutt, kann ech nëmme voll ënnersträichen, dass domadder eiser Entwécklungshëllef eng nei Dimensioun, déi iwwerall unerkannt gëtt, gi gouf.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Ausseminister. Domadder wiere mer um Enn vun deser Debatt a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6377 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen, géint 1 Enthaltung.

*Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6377 est adopté à l'unanimité des 60 votants.*

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden (par M. Fernand Boden), Norbert Hauptert, Ali Kaes (par Mme Christine Doerner), Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Mme Tessa Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel (par M. Ben Scheuer), Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par M. Alex Bodry), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);*

*MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helming, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Claude Meisch) et M. Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;*

*M. Serge Urbany.*

Wëllt ee seng Enthaltung begrënnen?

**(Négation)**

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo zu eise leschte Projet de loi vun haut de Mëtten, nämlech de Projet de loi 6325, en EU-Reglement iwwert d'Initiative citoyenne. D'Riedezeit ass hei nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: den Här Wilmes, d'Madame Brasseur, den Här Fayot, den Här Braz an den Här Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Paul-Henri Meyers. Här Meyers, Dir hutt d'Wuert.

## 5. 6325 - Projet de loi relative à la mise en application du Règlement (UE) n°211/2011 du Parlement européen et du Conseil du 16 février 2011 relatif à l'initiative citoyenne

**Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle**

► **M. Paul-Henri Meyers** (CSV), *rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojekt 6325 huet als Zil, fir e puer Bestëmmungen an der Lëtzebuurger Gesetzgebung virzugesinn am Hibleck op d'Ausféierung vum dem Reglement 211/2011 vun der Europäescher Unioun. Dëse Reglement regelt déi sougenannt Initiative citoyenne, déi an dem Artikel 11 Paragraph 4 vun dem Lissabon-Vertrag an an dem Artikel 24 vum Vertrag iwwert de Fonctionnement vun der Europäescher Unioun virgesinn ass.

Dës Artikele gesi vir, dass weinstens eng Millioun Bierger aus weinstens siwe verschidde Länner aus der Europäescher Unioun der Kommissioun Virschléi kënnen ënnerbreeden iwwer Froen, déi hirer Meenung no noutwendeg si fir d'Uwendung vun den europäeschen Traitéeën. De Reglement 211/2011 leet d'Bedéngunge fest a regelt d'Modalitéiten an d'Prozeduren, op deenen eng sougenannt Initiative citoyenne an deenen eenzelne Länner organiséiert ka ginn.

Ech kann net op all Detailer vun deem Reglement agoen. Ech wëll awer hei e puer Wieder verléieren iwwert d'Prozedur an iwwer och d'Bedéngungen, déi d'Bierger erfëlle mussen, fir bei esou enger Initiativ matzemaachen.

Wat d'Prozedur ugeet, muss fir d'Éischt e Comité geschafe ginn, deen déi Initiativ duerchféiert, deen de Kontakt mat den zustännegen Instanzen, dat heescht mat der Kommissioun vu Bréissel, opëhlt. De Comité besteet aus siwen, weinstens siwe Memberen aus siwe verschiddenen europäesche Länner.

De Comité presentéiert bei der Kommissioun zu Bréissel hir Initiativ, mat engem Text natierlech. Zwee Méint, nodeems déi Initiativ presentéiert ginn ass, muss d'Kommissioun déi Initiativ unhuelen oder refuséieren. D'Initiativ kann ënner anerem refuséiert ginn, wann de Comité net no de Bedéngunge vum Reglement constituéert ass, wann den Objet vun der Initiativ net an d'Kompetenze vun der Kommissioun fält oder wa se net mat den Zilsetzung vun der Europäescher Unioun iwwerenee stëmmt. Bei engem Refus ass e Recours méiglech bei den Europäesche Gerichter.

Gëtt d'Initiativ ugeholl, gëtt se enregistréiert a public gemaach. Vun deem Ablack u kënnen d'Organisateuren ufänke mat der Collecte vun den Ennerschrëften. D'Ennerstëtzung vun der Initiativ duerch d'Bierger geschitt no deene virgeschriwwene Formularen, déi am Reglement annexéiert sinn.

Matmaache kann all Bierger, deen am Alter ass fir bei den Europawahle stëmmen ze goen. De Reglement seet allerdéngs net kloer, ob een och wierklech dat Wahlrecht muss hunn. Wann een de Reglement strikt ausleet, brauch een dat Wahlrecht net ze hunn, mä et muss ee just d'Bedéngungen, wat den Alter ugeet, erfëllen. Et dierf een allerdéngs nëmmen eng Kéier seng Ennerschrëft fir esou eng Initiativ ginn.

De Reglement 211/2011 mat sengen Annexen ass an allen europäesche Länner direkt uwendbar. Déi eenzel Länner, och d'Lëtzebuurger Chamber, kënnen un de Bestëmmunge vun dem Reglement an un den Annexen näischt méi änneren, sauf wat d'Uwendung am Land selwer ugeet. Et bleiwen dofir fir déi eenzel Länner eigentlech nëmmen zwou Bestëmmungen - an dat geschitt och hei zu Lëtzebuerg -, déi emgesat musse ginn.

Dat sinn déi vun den Artikele 14 a 15 vum Reglement. An déi betreffen éischters d'penal Bestëmmungen - dat ass den Artikel 14 - an zweetens d'Designatioun vun deenen nationalen Autoritéiten, déi certifiéieren, dass de System, fir d'Ennerschrëften ze sammelen, konform ass, an déi certifiéieren och, dass déi gesammelt Ennerschrëften deene virgeschriwwene Bestëmmungen entspriechen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Institutiounskommissioun huet de Gesetzesprojekt mat där néideger Suergfalt ënnersicht. Si huet

och déi eenzel Avisen zur Kenntnis geholl, besonnesch dee vum Statsrot. D'Kommissioun huet och all Virschléi, déi de Statsrot gemaach huet, ugeholl.

Well de Reglement direkt uwendbar ass an deenen eenzelne Länner, hat de Statsrot proposéiert, dass all Bestëmmungen, déi am Text vun dem Projet de loi drastoungen an déi aus dem Reglement eigentlech quasi nëmme kopéiert waren, missten aus dem Text erausgeholl ginn. An en hat am Hibleck op den zweete Vote vun der Chamber ugekënnegt, dass en den Text net géif vum zweete Vote entbannen, wann déi Bestëmmungen net géifen erausgeholl ginn.

Déi widdersprieche nämlech den europäesche Bestëmmungen a ginn och net vun den Europäesche Gerichter esou akzeptéiert. Dofir huet och, wéi gesot, de Statsrot virgeschloen, all déi Bestëmmungen aus dem Text erauszehuelen.

D'Kommissioun ass deene Virschléi gefollegt. Doduerch kann och deen ursprénglechen Text, deen zéng Artikelen ëmfaasst hat, schlusslech op véier Artikele gekierzt ginn. Op déi aner Avisé wëll ech net weider agoen. Mir hunn dat an engem schréftleche Rapport gemaach. Déi, déi sech interesséieren, kënnen dat also do liesen.

Ech wëll allerdéngs a mengem mëndleche Rapport, sou wéi ech dat zum Deel och am Schréftleche gemaach hunn, besonnesch och nach zwee Punkte behandelen. Dat ass éischters déi méi kuerz juristesche Analys, wat dann d'Initiative européenne wierklech, citoyenne, pardon, wierklech duerstellt. Wat stellt se juristesche duer? An zweetens: Wéi kënnen déi europäesch Bierger, déi zu Lëtzebuerg wunnen, déi Initiativ, wann et zu esou enger Initiativ kënn, ënnerstëtzen?

D'Initiative citoyenne ass ze gesinn am Rahme vun de Bestëmmunge vun dem Titre 2 vum Lissabon-Vertrag. Wichtig ass do virun allem den Artikel 10, dee festhält, de Fonctionnement vun der Unioun baséiert op der Démocratie représentative. D'Bierger sinn um Niveau vun der Europäescher Unioun représentéiert duerch d'Europaparlament. De Prinzip vun der repräsentativer Demokratie schléisst dofir och eng direkt Bedeelegung vum Bierger un den Décisiounen vun der Unioun aus. Dofir gesinn och d'Verträge net vir, dass op europäeschem Plang ee Referendum kéint ofgehalen ginn.

D'Initiative citoyenne ass dofir och keng direkt Bedeelegung vum Bierger un den Décisiounen, mä et ass eigentlech ee Virschlagsrecht, sou wéi de Conseil d'État dat och ervirgehuwen huet, duerch deen d'Bierger méi staark solle motivéiert ginn, fir sech un den europäeschen Décisiounen an dem europäesche Geschéien ze bedeelegen. An et gëtt hinnen och d'Méiglechkeet ginn, fir Virschléi ze maachen, wéi ech scho virdu gesot hunn, am Hibleck op d'Realisatioun vun den Traitéeën.

Et muss een eigentlech ofwaarden, wéi dat sech aus der Praxis ergëtt. Well et ass awer net esou, dass d'Kommissioun, nodeem esou eng Initiativ presentéiert ginn ass, ka maachen, wat se wëllt.

De Reglement gesäit vir, dass d'Kommissioun d'Initiativ publizéiere muss. Si muss den Organisateuren d'Méiglechkeet ginn, se mëndlech duerzeleeën. Si muss no dräi Méint matdeelen, wéi eng juristesche a politesch Konkusiounen aus esou enger Initiativ kënnen gezu ginn. A si muss dann och matdeelen, wéi eng Suiten dass se där Initiativ wëllt ginn. De Reglement gesäit dann ausserdeem och nach vir, dass déi Initiativ an enger öffentlecher Auditioun am Europaparlament virgestallt ka ginn.

Wat Lëtzebuerg ugeet, gesäit de Reglement vir, dass weinstens 4.500 europäesch Bierger, déi zu Lëtzebuerg wunnen, mat hirer Ennerschrëft déi Initiative citoyenne ënnerstëtze kënnen. D'Kontroll vun der an d'Zertifikatioun nom Artikel 15 vum Reglement läit zu Lëtzebuerg, sou wéi dat virgeschriwwen ass vun der Regierung, an den Hänn vun deem zoustännegen Minister fir d'Technologies de l'information de l'État. D'Kontroll vun den Ennerschrëfte soll gemaach gi vun dem Centre des technologies de l'information de l'État.

De Bierger, dee bei esou enger Initiativ matmécht, muss no dem Formulaire säin Numm, Virnumm, Adress, Gebuertsdatum, Gebuertsuertschaft, seng Nationalitéit a säin Numéro de matricule ugin. Den Numéro de matricule, dat ass déi Nummer, déi zu Lëtzebuerg op der Kaart vun der Sécurité sociale steet. Or, dat bedeit allerdéngs, dass een also eng Rei perséinlech Donnéeë muss hierginn, déi riskéieren da gegebenenfalls publizéiert ze ginn. Wann déi Ennerschrëften an déi Nimm op Internet gesat ginn, si se natierlech public an zougänglech fir jiddwereen.

Et ass also ubruecht, an d'Kommissioun war och där Meenung, dass een hei mat ganz grousser Virsicht misst virgoen. An dofir war d'Kommissioun der Meenung, dass, ier mer eis

Aarbechten ofgeschloss hunn, mer gären en Avis gehat hätte vun der Kommissioun vum Datenschut. Dat ass och geschitt. An d'Kommissioun huet an hirem Avis, dee se der Chamber zougestallt huet, zum Ausdrock bruecht, dass et zu Lëtzebuerg net noutwendeg wier.

Fir déi Kontroll ze maachen, wier et net noutwendeg, fir iwwert d'Matricule vun deem eenzelne Bierger ze verfüegen. A si huet och drop higewisen, dass an der Belsch d'Matricule fir déi Kontroll net erfuerdert ass, dass also dee belsche Bierger seng Matricule net brauch präiszeginn, fir bei esou enger Initiative citoyenne matzemaachen.

Dofir huet och d'Kommissioun an hirem Rapport op den Artikel 5 vun dem Reglement 211/2011 higewisen, dee virgesäit, dass déi Lëtzebuurger Regierung ka bei der Kommissioun intervenéieren, fir Ofännerunge virzehuelen am Formulaire. A mir waren der Meenung, dass een déi Méiglechkeet soll notzen, fir och fir Lëtzebuerg d'Matricule aus dem Formulaire erauszehuelen.

D'Kommissioun selwer an d'Chamber kënnen dat net maachen. Mir kënnen, wéi ech virdu gesot hunn, näischt méi un deenen Texter änneren. Dofir bleift am Fong geholl nëmme méi déi Démarche vun der Regierung bei der Kommissioun. An d'Kommissioun vu Bréissel kann, opgrond vun de Pouvoirs délégués, déi de Reglement hir gëtt, déi doten Ännerung virhuelen. Mir hunn der Regierung dat matgedeelt, a souwäit wéi mer informéiert sinn, wier d'Regierung och bereet, fir déi Démarche ze ënnerhuelen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, domat hunn ech zu deem Text do alles gesot, wat noutwendeg war a wat a menger Zeit läit. An ech kann nëmme méi d'Chamber bidden, den Text esou ze stëmmen, wéi d'Kommissioun e virgeschloen huet.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Rapporteur Paul-Henri Meyers Merci. Als éischte Riedner ass den Här Serge Wilmes agedroen. Här Wilmes, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

► **M. Serge Wilmes** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt emol villmools Merci dem Rapporteur Paul-Henri Meyers fir säi gewinnenden exzellente schréftlechen an och mëndleche Rapport. Hien huet eis nämlech hei elo ganz kloer déi wichtegst Punkten a Bedéngungen erkläert, déi mussen erfëllt ginn, fir datt mer kënnen déi europäesch Biergerinitiativ och hei zu Lëtzebuerg ëmsetzen.

Dat ass jo e ganz wichtige Projet, dee mer hei hunn, well en nun emol, wéi den Här Meyers dat kloer hei ënnerstrach huet, déi participativ Demokratie wäert stärken, also de Fakt, datt sech méi Bierger wéi bis elo och un deem ganze politeschen Diskussiouns- an Décisiounsprozess solle bedeelegen an der EU.

Dat ass e wichtige Projet, grad och an enger Krisenzeit! An enger Krisenzeit, déi jo gewisen huet, datt d'Europäesch Unioun awer ganz grouss politesch Lacunen huet, Defiziter huet; datt déi europäesch Institutionen net esou effikass a séier konnte reagéieren op eng enorm wirtschaftlech a finanziell Kris - sécher eng, déi mer scho laang net méi kannt hunn an deem Ausmooss -, mä wou awer trotzdeem ganz daitlech a sichtbar ginn ass, datt mer eis nach musse verbesseren a virun allem och, datt Europa, wann et soll besser fonctionnéieren, och muss kloer an den Häerzer an an den Käpp vun de Bierger verankert sinn. An dat hei ass e Moyen, fir dat ze maachen.

Do gëtt et da verschidde Bedéngungen, déi ee muss erfëllen. Eng dovunner ass jo déi eng Millioun EU-Bierger, déi sech hei mussen zesumme-fannen an engem Véirels vun de Staten.

Dat kléngt elo no vill, eng Millioun, wann een dat aus enger Lëtzebuurger Siicht kuckt - mir hu jo knapps d'Halschent dovunner als Awunner, 500.000. Et muss een awer trotzdeem drun erënneren, datt jo awer an der EU 500 Milliarden, 500 Milliounen, pardon, eng hallef Milliard, eng hallef Milliard Awunner sinn. Dat sinn der also dausendmol méi wéi hei zu Lëtzebuerg. An dann ass natierlech awer eng Millioun zu 500 Milliounen net esou vill. Et sinn nämlech ganz genee 0,2% vun der Bevëlkerung, déi een also hei muss zesummekréien, mä an engem Véirels vun de Memberstaten.

Dat ass dann och am Endeffekt déi grouss Erausforderung, fir ze kucken, datt déi eenzel Comitéë sech do en place setzen an datt déi eenzel Comitéë sech dann och kuerzschléissen, wa se ee Projet gäre wëllen der Europäescher Kommissioun virschloen; well et jo awer och an den EU-Länner ganz ënnerschiedlech Kulture vun der participativer Demokratie ebe gëtt.

Duerfir ass doranner eng Erausforderung, déi muss ugaange ginn. An och mir hei zu Lëtze-





buerg mussen dann ebe kucken, wéi mer eis an deem dote System wäerten erëmfannen, fir eis mat anere Länner ofzestëmmen, fir eng gemeinsam Saach kënnen viru Bréissel ze bréngen.

Nach bleift awer, datt et, wéi gesot, e Schratt an déi richteg Richtung ass, fir datt d'EU-Bierger sech méi un deem politesche Liewen an der EU solle bedeelegen. An, ech hunn et jo elo grad gesot, mat der Krisenzäit, datt et do nach méi wichteg ginn ass, datt mer déi Lacunen, déi mer hunn, kënnen combléieren.

Mä dobäi sief awer trotzdeem erënnert, datt jo awer och Effortë gemaach gi si schonn an der Vergaangenheet, fir ze kucken, datt d'EU soll politesch besser fonctionnéieren, an datt och d'Bierger do sollen hir Rechter hunn. An duerfir wëllt ech eng Kéier ganz kuerz drun erënnere, wat an der Vergaangenheet alles gemaach ginn ass, datt dat heiten u sech och sech an engem Prozess situéiert, deen eng logesch Suite eben dovunner ass vun deem, wat an der Vergaangenheet an der europäescher Vereenegungsgeschicht alles geschitt ass.

Do hu mer dann zum Beispill, fir déi grouss Etappe just ze huelen: Natierlech an de 60er Jore war d'Schafung endlech vun deem Europaparlament, wat an de 70er Joren, prezis 1979, dann och duerch de Suffrage universel bestëmmt gëtt vun den europäesche Bierger. A wat deemools eben och gemaach ginn ass, agefouert ginn ass, dee Suffrage universel, fir ebe grad déi europäesch Vereenegung méi an de Käpp an an den Häerzer vun den Europäer ze verankeren an och fir deenen europäeschen Institutionen eng demokratesch Legitimitéit an Transparenz ze ginn, an dem Vollek eben och eng Kontroll doriwwer. Dat war ee ganz wichtige Schratt, dee mer gemaach hunn.

Duerno komme mer schonn op d'Joer 1992 mat dem Traité vu Maastricht. Dee schafft eng europäesch Citoyennetéit, déi doraus besteet, datt mer eben als EU-Bierger iwwerall, wou mer an engem Land sinn, eis un den Europawahle kënnen bedeelegen, mä awer och un de Lokalwahlen - also um Gemengenniveau zemoos -, wou mer eis also kënnen fräi bewegen an och den Droit de libre séjour hunn.

A wou mer dann och, duerch déi europäesch Citoyennetéit, eng Protection diplomatique a consulaire hunn. Dat gëllt jo zum Beispill an eise Fall, well mer net iwwerall Ambassaden hunn, kënnen mer dann an engem Land, wou mer sinn, wou keng Lëtzebuergesch ass, eis un engem vun engem aneren EU-Stat wenden, fir dann eben do, wa mer Problemer hunn, Hëllef ze kréien.

Dann ass nach e wichtige Prinzip oder zwee wichteg Prinzipier mat Maastricht agefouert ginn: Dat sinn d'Subsidiaritéit an d'Proportionalitéit. An zemoos jo och de Prinzip vun der Subsidiaritéit, déi soll jo dozou bäidroen, datt d'Décisiounen esou no wéi méiglech, wann et ebe méiglech ass, beim Bierger solle getraff ginn.

Dann hu mer nach en anert Recht, wat scho vill méi erukënnt och un dat europäesch Initiativrecht, wat agefouert ginn ass '92, dat ass d'Petitiounsrecht, wat et scho gëtt, wou kënnen entweder déi eenzel EU-Bierger, oder awer zesumme sech schléissen, eng Petitioun am Europaparlament erabréngen, iwwert déi da soll, wann d'Konditiounen erfüllt sinn, kann diskutéiert ginn an dat gekuckt ginn.

A mir hunn och nach den europäeschen Ombudsman, deen deemools agefouert ginn ass, wou ee sech kann als europäesche Bierger wenden, wann ee Problemer mat Administratiounen huet.

An da si mer scho méi e Schratt weidergaangen. Dertëscht sinn nach erëm vill Traitée komm an nach vill Sommeten, wou mer erëm probéiert hunn, d'Europäesch Unioun politesch méi fit ze maachen. Do hate mer jo dat Joer 2005 mat deem grousser Versuch, fir kënnen eng richteg Verfassung fir Europa ze schafen. An do ass deemools an deem Traité - dee scho vill Leit vergiess hunn, dee schonn ënnergaangen ass e bëssen an der Geschicht -, do stoung schonn dat europäesch Initiativrecht fir d'Bierger mat dran. Et ass also u sech nach esou e Relikt, wat mer mat eriwirgehooll hunn, wat eis wichteg erschéngt huet, wat e wichteg, fundamentalt Recht soll gi vun den EU-Bierger a wat mer dunn an deem Traité vu Lissabon 2009 dra verankert hunn.

Mat deem sengem Akraafttrieden 2010 besteet dat Recht eben och fir den EU-Bierger. Ech mengen, dat ass och wichteg, emol eng Kéier ze betounen, datt eben den EU-Bierger och Rechter huet, an datt Bréissel eben net just dat Bild ass vun deem anonymen administrative Waasserkapp - an deene Sommeten, wou d'Stats- a Regierungschefe sech treffen -, mä datt et eben och de Bierger aus der EU Rechter gëtt, op déi se kënnen zrëckgräifen a mat deene se ebe kënnen, wa se et gärén hätten, datt eppes géif un d'Rulle bruecht ginn, op

d'mannst dat emol virbréngen den Institutionen. A wann do all d'Bedingungen erfüllt sinn, mussen se sech domadder befaassen a kréien also och e Retour dovunner.

D'EU-Bierger mussen sech däre ebe just méi bewusst sinn. Duerfir loosst eis deen heite Gesetzesprojet als eng Chance gesinn, fir dat Bewosstsinn nees méi ze schafen, ebe grad elo an dëser Krisenzäit, wou mer méi Europa brauchen, fir all méi e politesch staarkt a géeeentent Europa! An duerfir, aus all deene Grënn, wäert och d'CSV-Fraktioun fir dëse Gesetzesprojet stëmmen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Wilmes. Als nächste Riedner ass d'Madame Anne Brasseur agedroen. Madame Brasseur, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Anne Brasseur (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären: «Le traité de l'Union européenne renforce la citoyenneté de l'Union et améliore encore le fonctionnement démocratique de l'Union par l'intermédiaire d'une initiative citoyenne européenne.» Dat ass d'Zilsetzung vun deem Reglement, wat mer elo an nationaalt Recht ëmsetzen. D'DP-Fraktioun wäert dëse Projet de loi stëmmen. Nach sinn ech awer skeptesch, ob doduerch Europa de Bierger méi no kënnt. An ech mengen, ech sinn net eleng heibannen, wat déi Skepsis huet.

D'Prozedur, déi elo virgesinn ass, fir déi Initiative citoyenne duerchzeféieren, ass zur Genüge vum Rapporteur duergeluecht ginn, an ech wëll dann net dorop agoen. Ech wëll dem Rapporteur och dofir Merci soen.

Mir sëtzen hei am Fong ee Stéck vun deem Traité de Lisbonne ëm- am Konvent deemools, an den Här Wilmes huet dat rappeléiert, ass jo gesot ginn, Europa dem Bierger vill méi no bréngen -, an dat Eenzegt, wat am Fong iwwreg bliwwen ass vun deem ganz gudder Virsaz, ass déi Initiative européenne mat all deene Komplikatiounen, déi dat awer comportéiert. An do hu mer, wa mer éierlech sinn, kee ganz grouss Schratt gemaach!

D'Kommissioun, déi dann domat befaasst gëtt, do seet de Conseil d'État mat Recht: Déi kritt et och net ganz einfach, dat ëmsetzen. Nach kann ee soen, duerch déi mediatesch Dynamik, déi hanner esou eng Initiativ kënnt, wa se dann zustane géif kommen, déi bréngt et da vläicht mat sech, dass awer Positiounen sech kënnen änneren.

An deem Kader hu mer eng Rei Froen an der Kommissioun opgeworf, an ech wëll haapt-sächlech op déi vun der Utilisation vun der Matriculesnummer zrëckkommen. D'Matriculesnummer, wéi mer matgedeelt kruten, ass net indispensable, fir dass déi bei der Identifikatioun vun de Signatairë vun esou enger Initiativ figuréiert. A mir sollen dach wann ech gelift ganz virsiichteg sinn. Mir op jidde Fall als Demokratie Partei stellen d'Protektioun vun der Sphère privée, vun der Vie privée wierklech iwwer alles! An dat ass heimat, menger Meinung no, net 100%eg garantéiert.

Et widersprécht och dem Artikel 8 vun der Europäescher Konvention vun de Mënscherechter vun der Protection vun der Vie privée. An et weess een net, wann dat hei géif drakommen, deemno a wellech Hänn et géif geroden, wat kéint mat där Matriculesnummer gemaach ginn. An duerfir verlaange mir wierklech, dass mer müssen, wéi dat an der Kommissioun och festgehale ginn ass, dorop zrëckkommen.

Ech hunn hei keng Motioun presentéiert, iwwert déi mer géifen ofstëmmen. Mä, Här President, ech wier awer frou, wann all politesch Partei sech hei géif engagéieren an och wann d'Regierung sech hei géif engagéieren, dass mer dat nach eng Kéier iwwerpräiwen an effektiv dorop zrëckkommen.

Wéi mer drop opmierksam gemaach gi sinn, ass dat jo an der Belsch net noutwendeg. Da soll et hei och net noutwendeg sinn. Mir müssen nämlech mat den Données personnelles ganz gutt oppassen. An dat ass eppes, wat elo iwwerhandhëlt. Mat der Vernetzung vun den Date ka wierklech Unfug gemaach ginn. An duerfir wier ech wierklech frou, wa jiddwereen, all Fraktioun sech hei géif engagéieren, dass mer géifen dorop zrëckkommen an dass mer deen Engagement och haut vun der Regierung kréien.

Et kéint een an deem Débat vun der Initiative citoyenne eng ganz Partie Froen opwerfen, nämlech déi vun dem Stellwäert vun der representativer Demokratie. D'representativ Demokratie, dat ass eppes, zu deem mir ons engagéieren. Dat bréngt awer och eng ganz grouss Responsabilitéit mat sech. An als Vertrieeder vun enger representativer Demokratie dierf ee sech och net hanner enger Initiative citoyenne verstoppen a seng Responsabilitéit als Élu ofginn. Duerfir ass et am Fong eng Diskussioun, déi méi wäit féiert wéi dee Kader, an

deem mer ons hei befannen. Eng Diskussioun, déi mer jo awer op aner Plaze kéinte féieren.

Wann ech vun der Responsabilitéit schwätze vun de gewielte Vertrieeder - déi si jo dofir do, fir Texter ze maachen, a gi vum Wieler dann och sanctionnéiert, wa se hirer Aufgab net gerecht ginn -, da gëtt et awer och eng Responsabilitéit vum Bierger. Or, muss de Bierger awer an d'Lag versat ginn, déi Responsabilitéit kënnen auszeüben. An duerfir muss een drop pochen, dass mer och eng Éducation à la citoyenneté hunn a kréien. Well et notzt näischt, Instrumenter ze schafen, wann een op där anerer Säit net de Bierger an d'Lag versetzt, iwwerhaapt mat esou engem Instrument kënnen ëmzegoen.

Dofir géif ech der Regierung och un d'Häerz leeën, Här Ausseminister, dass Der bei Ärer Kolleegin Éducatiounsministerin intervenéiert, dass d'Éducation à la citoyenneté wierklech ëmgesat gëtt an de Schoulen, fir dass de Bierger net nëmmen theoretesch Rechter huet, mä dass de Bierger och déi Rechter kann notzen an ausüben!

Dat sinn déi Observatiounen, déi ech zu dësem Projet de loi wollt maachen. An da ginn ech nach eng Kéier d'Zoustëmmung vun der DP-Fraktioun. Mä ech hoffen awer, dass mer den Engagement vun de Parteien a vun der Regierung kréien, dass dat mat der nationaler Matriculesnummer nach eng Kéier iwwerpräit gëtt, well dat schéngt ons wierklech enorm wichteg ze sinn, an dat solle mer net einfach lichtfankeg huelen an op d'Spill setzen. An ech hoffen och, dass dann dat net an de Vergiess geréit, well et ass eemol ze vill wichteg.

Ech soen lech villmools Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci der Madame Brasseur. Als nächste Riedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Ben Fayot (LSAP).** - Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, an der Ëmsetzung vun der europäescher Biergerinitiativ huet ons Chamber wéineg matzschwätze gehat. Dëst ass, wéi de Rapporteur a sengem exzellente Rapport dat gesot huet, iwwer en direkt applicabel europäesch Reglement décidéiert ginn, an et bleiwe fir d'Lëtzeburger Chamber an dësem Projet just zwee Elementer gesetzlech ze bestëmmen.

Ech wëll awer och erënnere drun, dass et am Virfeld vun dësem legislative Prozess e Grënbuch vun der Kommissioun gouf, zu deem och ons Chamber den 18. Januar 2010 hir Meinung erabruucht huet, an zwar iwwer zwou Kommissiounen, nämlech d'Commission des Institutions an d'Commission des Affaires européennes. Ech soen dat, well mer jo eigentlech als Chamber net an d'Aarbechte vun dem europäesche legislative Prozess agebonne sinn.

Ech bedauern, muss ech soen, dass besonnesch an enger institutioneller Fro, déi d'Wiese vun onser Demokratie beréiert an och vun der europäescher Demokratie, d'Chamber eigentlech zwar an engem Avis virdu Stellung geholl huet, dass se awer net während dem legislative Prozess iergendwann weinstens consultéiert ginn ass. Dëst hätt, menger Usicht no, eng Partie Diskussiounen, déi elo bei der Applikatioun vum Reglement zu Lëtzebuerg Schwierigkeete maachen, verhënnert.

Et handelt sech jo, et ass scho gesot ginn, ëm d'Utilisation vum Numéro d'identification national bei der Ënnerstëtzung fir eng Initiativ, déi jo op informatesch Weis geschéie soll. D'Commission nationale de la protection des données huet dat jo och post festum kritiséiert. A mir gi jo elo, iwwer e Brëif probéiere mer bei der Kommissioun dat am Reglement geännert ze kréien.

Ech wëll soen, dass dat am Reglement steet, an dass dat also nëmme kann iwwer e Brëif vun der Regierung eventuell, wann d'Kommissioun d'accord ass, en vertu vun hire Pouvoirs délégués dat ze änneren, geännert ka ginn. Ech mengen, wa mer dat vläicht am Laf vun der legislativer Prozedur hei beschwat hätten, dann hätte mer dee Problem och méi fréi kënnen erkennen an dann hätte mer dee Mëssel do kënnen évitieren.

Ech wëll awer déi Remarque do, déi méi kritesch Remarque fir d'Regierung, abetten an eppes, wat mir perséinlech ganz staark um Häerz läit. Deen Traité vu Lissabon, wou dann dës europäesch Biergerinitiativ een Element dovunner ass, fir Europa méi demokratesch ze maachen, Europa méi no un d'Bierger ze kréien, an deem Traité vu Lissabon si jo eng ganz Partie Elementer, fir dat fäerdegzibréngen. Dës Biergerinitiativ ass jo nëmmen een Element dovunner.

En anert Element, dat ass d'Participatioun vun den nationale Parlamenten un der europäescher Politik an engem Land. Mir wëssen, dass d'Regierung, déi national Regierung si Législateur

ren um europäesche Plang. Mir hunn an dëser Législatioun eigentlech näischt ze soen, just am Virfeld hu mer jo d'Recht, wéi de Protokoll N°2 vum Traité ons dat seet, fir ons Meinung zu Propositionen vun Direktiven a Reglementer ze ginn. An do muss och d'Regierung mat dem Parlament zuesammespielen, fir dass mer déi demokratesch Komponent och op deem Plang kënnen realisieren.

Et sinn also an deem Traité vu Lissabon net nëmmen d'europäesch Biergerinitiativ, mä eng ganz Partie Elementer, déi vum Konvent fir de Verfassungsvertrag erabruucht gi sinn. Déi mussen realiséiert ginn, an dozou gehéiert de Reflex vun der Regierung, an och vum Parlament, fir méi no mam nationale Parlament an europäesche Froen zesummenzeschaffen.

De Rapporteur mécht a sengem Bericht déi wichteg Remarque am Kader vum Artikel 10 vum Traité vun der Union européenne, dass d'Europäesch Unioun nom Prinzip vun der representativer Demokratie fonctionnéiert. Dëst schléisst natierlech den europäesche Referendum aus. An ech hunn am Avis vum Conseil d'État gelies, e bëssen en sourdine hat ech geduecht ze liesen, dass de Conseil d'État géif bedauern, dass deen europäesche Referendum net am Traité wär.

Ech muss lech awer soen, étant donné, dass mer jo an Europa no der representativer Demokratie fonctionnéieren, étant donné och, dass an Europa kleng, mëttel a grouss Länner sinn, kann ech mer net virstellen, wéi e Referendum an Europa géif fonctionnéieren, well op jidde Fall, Lëtzebuerg géif jo do ganz licht iwwerschwemmt gi vun deene Wieler vun de grouss Länner, sou dass ech mengen, dass déi Diskussioun fir ons Länner op jidde Fall net vill Sënn huet.

Déi Elementer, déi am Traité vun der Union européenne stinn, fir d'Demokratie ze förderen, stinn also am Artikel 11, an deem och d'Biergerinitiativ drasteet.

Dës Biergerinitiativ ass natierlech keen Element vun direkter Demokratie. Si bleift um hallwe Wee stoen, well d'Kommissioun net forcéiert gëtt, e Gesetzestext opgrond vun enger Biergerinitiativ virzeleeën. Si muss natierlech op déi Biergerinitiative reagieren, wa se dann an d'Kompetenz vun der Europäescher Unioun fallen. Dat heescht, si muss öffentlech mat den Initiateuren vun enger Biergerinitiativ diskutieren. An ech wëll soen, dass d'Kommissioun ganz vill Ustengunge mécht an och gemaach huet, fir eng Partie vun deenen Dialogmëglechkeeten, déi et an dem Traité vu Lissabon gëtt, ëmsetzen, besonnesch och zesumme mat den nationale Parlamenten.

Erlaabt mer drun ze erënnere - et ass nach net gesot ginn hei -, dass dës Biergerinitiativ opgrond vun engem Antrag an de leschten Deeg vum Konvent 2003 an de Vertrag opgeholl ginn ass, en Antrag, deen de Paul Helming an ech selwer mat ënnerschiwwen hunn an deen aus der Société civile am Ëmfeld vum europäesche Konvent erauskomm ass. Et waren am Ëmfeld vun dem Konvent Associatiounen, déi fir méi Demokratie respektiv och fir direkt Demokratie ageutratt sinn, déi iwwert de Wee vun enger Partie Membere vum Konvent deen Antrag virgeluecht hunn.

Ech ka mech erënnere, et war den däitschen SPD-Deputéierten, de Professor Jürgen Meyer, deen deen Antrag ronderëmgeréicht huet an deen, wéi gesot, vun deenen zwee Vertrieeder vun der deemoleger Lëtzeburger Chamber ënnerschiwwen ginn ass an dann och ebe säi Wee gemaach huet. Ech wëll och soen, dass ënnert de Signatairë vun deem Antrag, dee schlussendlech ugeholl ginn ass, kee Regierung- an och kee Kommissiounsvertrieeder derbäi war, déi an där Hिसicht méi orthodox ware wéi d'Parlamentarier, déi jo hirersäits awer intensiv fir méi Demokratie an Europa ageutratt sinn.

Wann dann och, Här President, d'Biergerinitiativ an hirer Portée relativéiert gëtt, dann ass et trotzdeem eng demokratesch Avancée, déi mer net klengriede sollen. Ech hu vun der Skepsis vun der Madame Brasseur gehéiert. Ech begrëssen, dass hire Parteikolleg, de Paul Helming, deemools net déi Skepsis hat. Ech hat se och net. An ech mengen, an deem laangen europäeschen Integrationsprozess ass och dës Biergerinitiativ e wichteg Element vun Demokratie a Biergerparticipatioun, a mir hoffen, dass doraus och dat erauskënnt, wat mer ons gewënscht hunn.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien!





► **M. le Président.**- Merci dem Här Fayot. Als nächste Riedner ass den Här Félix Braz agedroen. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Merci, Här President. Ech wëll och am Numm vun der grénger Fraktioun als Éischt dem Här Meyers Merci soe fir säi schréfftlechen a mëndlechen, ganz kompetente Rapport.

Den Här Fayot huet et rappeléiert: D'Iddi vun der Initiative citoyenne ass am Konvent gebuer, mä et war elo net déi grouss Léift. Et war elo net déi Dispositioun, déi d'Masse beweegt hätt am Konvent, an et war och net déi Dispositioun, déi no baussen déi grouss Bedeitung sollt hunn a sollt kréien.

Trotzdem huet déi Iddi vun där Initiative citoyenne, zumindest hei zu Lëtzebuerg am Kader vum Referendum, dee jo deemools positiv hei zu Lëtzebuerg ausgaang war, contrairement zu deenen a Frankräich an an Holland, hei an der nationaler Debatt hat déi Iddi vun enger Initiative citoyenne eng relativ grouss Bedeitung kritt. Dat ass als eent vun den Elementer erausgestrach gi vu villen, déi d'Demokratie an Europa sollte verbessern.

Och mir gesinn dat als e positivt Instrument vum Traité un. Mir maachen eis allerdéngs wéineg Illusiounen iwwert d'Portée, déi dat Instrument kéint hunn, obwuel et net onméiglech ass. Mir kënnen eis duerchaus virstellen, dass op wichtegen Themen an Europa et kéint zu enger Mobiliséierung kommen an, hoffentlech och geschwënn eng Kéier, zu enger éischter praktescher Ëmsetzung vun där Iddi vun der Initiative citoyenne.

Ganz aktuell, kéint ech mer virstellen, kéint zum Beispill sinn eng Initiativ fir eng europäesch Finanztransaktionssteuer. Do kann een zwar soen, gutt, um Niveau vun de Stats- a Regierungschefen ass schonn diskutéiert ginn an iergendwou och schonn tranchéiert ginn, mä trotzdem gleewe mer drun, dass, wann esou eng Initiativ eng Millioun oder méi Ënnerschrëften a siwe Länner kéint sammelen, da kéint dat vläicht awer, och an där aktueller Debatt, e politesche Momentum duerstellen, deen net einfach kéint ignoréiert ginn.

An där Themen, wéi dat doten, kënne mir eis och nach anerer virstellen, sou dass mer dat Instrument hei, ouni et wëllen iwwerzebewäerten, ouni et als Léisung vum Demokratiedefizit an Europa wëllen duerstellen, nach als en Instrument wëllen ugesinn, dat potenziell eng Roll an der politescher Debatt ka spillen, op Sujeten, déi dann hoffentlech gutt ausgesicht wieren. Fir mech heescht gutt ausgesicht, dass déi Sujeten éischter géife méi Europa probéieren ze ënnerstëtzen, wéi datt se géife probéieren, manner Europa als Resultat vun esou Initiativen ze hunn. Mä, d'europäesch Biergerinnen a Bierger si fräi, d'Initiativen ze huelen, déi se wëllen.

Allerdéngs - dat wëlle mer och nach eng Kéier ënnersträichen -, si musse sech am Kader beweuge vun de bestehenden Traitéen a vun de bestehende Kompetenzen, déi d'Institutiounen hunn. Et ass also net, dass all Thema...

## (Interruption)

Pardon, déi Kommissioun, fir et ganz prezis ze soen. Et ass also net esou, dass zu all Thema kann eng Initiative citoyenne geholl ginn. Et musse schonn där sinn, déi an de Kompetenze vun der Europäescher Kommissioun leien.

Zu der Léisung vum Demokratiedefizit an Europa géife ganz aner Saachen och nach kënne bäidroen. Zum Beispill d'Libilitéit an d'Genèse vun den Décisiounen, déi zu Bréissel oder anerwärts och um Niveau vun de Conseile geholl ginn, den Ëmgang an der innenpolitescher Debatt mat Bréissel, mat den europäeschen Décisiounen. Dir kennt d'Muster: Déi gutt Saachen, dat ass ëmmer de Mérite vun all nationaler Regierung; déi - entre guillemets - „schlecht“ Saachen, dat ass ëmmer d'Schold vu Bréissel.

Och dat ass nach ëmmer europäeschen Alldag an dat steiert d'Entwécklung vum demokrateschen Europa minimum esou vill wéi d'Passagen an den Traitéen. Den Ëmgang domat ass minimum esou wichteg an eisen Aen.

Et kann een och aner Virschléi maachen, déi net incompatible wiere mat den Traitéen, fir Europa virunzebréngen. Zum Beispill eng Iddi, déi mer schonn als gréng Fraktioun méi oft a Perspektiv gesat hunn, et ass sécher näischt fir haut oder fir muer de Moien, mä déi mer a Perspektiv gesat hunn, nämlech: Firwat net sech e Wahlkampf an Europa virstelle mat europäesche Lëschtchen vun de verschiddene Parteien?

Dass also en europäesche Wahlkampf tatsächlich an engem europäesche Gedanke gefouert gëtt, an dass och Parteien, well déi gëtt et jo mëttlerweil an Europa, déi si constituéiert: Firwat kann ee sech net virstellen, dass et och europäesch Lëschtchen géife ginn? Wou selbstverständlech all d'Länner an d'Memberpartei sech misste kënnen dran erëmfannen, no Modalitéiten, déi missten diskutéiert ginn. Mä dat wär mat Sécherheet e méi authentischen europäesche Wahlkampf wéi dat, wat haut de standard-europäesche Wahlkampf ass.

Wéi gesot, och wa mer eis bewosst sinn, dat ass näischt fir haut a fir muer de Moien, mä d'Perspektiv däréi een opmaachen an et däréi een och dru gleewen, dass et eng Kéier eng aner Qualitéit vun europäescher Debatt gëtt am Kader vun den Europawahlen.

Mir hunn och aner Saachen, déi et scho gëtt, déi och de Gedanke vun der europäescher Demokratie kéinte stärken, déi mer nach net komplett genotzt hunn. Stéchwuert „citoyenneté européenne“. Gëtt et zënter dem Traité vu Maastricht. Ass eng Saach, déi och zu Lëtzebuerg e schweieren, méi holprege Wee gaang ass. Wou mer déi Derogatiounen, déi mer '92 gefrot hunn, eis nëmme schweiergedoen hunn, ofzebauen. Dat huet kee vun eis verlaangt. Mir waren ëmmer fräi, de Gedanke vun der Citoyenneté européenne net ze verwiessele mat der Initiative citoyenne, mä de Gedanke vun der Citoyenneté européenne, vum europäesche Gedanke méi séier zu Lëtzebuerg virunzebréngen, dat hu mer net gemaach.

D'selwecht den Ëmgang, dee mer zu Lëtzebuerg och nach ëmmer hunn tëschent den Europawahlen a de Gemengewahlen. Firwat hu mer bei den Europawahlen, oder ëmgedrëit, firwat hu mer bei de Gemengewahlen nach ëmmer en Délai de résidence, deen esou villen méi laang ass wéi dee vun den Europawahlen? Dat mécht, wa mer éierlech sinn, eigentlech och kee Sënn.

Dat ass ëmmer nëmmen eng politesch Décisioun, fir d'Erklärung méi lues am Land ze vermëttelen, mä en fait schwätzt, an eisen Aen, scho laang näischt méi dergéint, dass ee beim Délai de résidence fir d'Gemengewahlen zumindest dee Regime hätt, deen een huet wéi bei den Europawahlen. Do di mer eis zu Lëtzebuerg schwéier. Do hält keen eis dovun of. Dat wier e Stéck geliefte Citoyenneté européenne, déi Lëtzebuerg ganz eleng kéint ausgestalten.

Déi aner europäesch Länner hunn och aner Demokratiedefiziter beim europäesche Gedanken. Mir hunn zu Lëtzebuerg zumindest elo emol dee Sprong och gemaach, datt mer d'Netuniounsbierger bei eis och um lokalen Niveau mat eranhuelen.

Firwat ass um europäeschen Niveau d'Abannung vun den Awunner aus Drëttsaten an d'europäesch Politik eng Saach vun der Onméiglechkeet? Ech weess, wéi eng Länner sech wourunner steieren. Mä dee Gedanken, dee muss weidergoen. Et muss och méiglech sinn, eng europäesch Demokratie ze konzipéieren, déi och déi Leit mat abënn, déi wuel aus engem Drëttsat kommen, déi awer schonn eng länger Residenz um Territoire vun engem Land vun der Unioun hunn.

D'Europäesch Unioun ass net nëmmen d'Saach vun de Bierger aus engem Memberland vun der Unioun. Vill anerer droen dozou bäi, an dat wier och e Stéck geliefte europäesch Demokratie, déi vläicht nach méi Bedeitung hätt wéi d'Initiative citoyenne.

Lescht Stéchwuert, den Här Fayot huet et schonn erwähnt, d'Roll vun den nationale Parlamenten. Och do ass villes, wat mer kënne maachen, fir d'europäesch Demokratie ze verbessern.

Eng méi staark, positiv Abannung vun den nationalen Deputéierten an de Parlamenten insgesamt an den europäeschen Diskussiounsprozess, méi fréi och do am Gedanken, sech méi fréi anzebréngen, net fir duerno, wann alles bal ze spët ass, mat zwee Féiss op der Brems ze probéieren ze stoen.

Net d'Logik vun der Rouder Kaart, mä éischter d'Logik vun enger Grénger Kaart, déi sech fréi abréngt an Impulser gëtt, ier Europa sech op de grousser Linne festgeluecht huet.

Alles dat sinn Elementer vun enger verbesserter europäescher Demokratie, déi op ville Punkte kéint awer nach ëmmer en nationalen Ursprung hunn an déi op ville Punkte kéint en nationalen Impuls kennen, an ech hunn d'Beispiller genannt.

Dat gesot, Här President, bréngt natierlech och déi gréng Fraktioun d'Zoustëmmung zu deem Gesetz a waart an hofft op besser demokratesch Zäiten an Europa.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Braz. Als nächste Riedner ass den Här Henckes agedroen. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jacques-Yves Henckes** (*ADR*).- Merci, Här President. Fir d'Éischt e grousser Merci un de Rapporteur, de Paul-Henri Meyers, deen déi ganz Gesetzgebung an och dee Règlement européen ganz am Detail explizéiert huet.

Et muss een hei festhalen, datt ee 4.500 Ënnerschrëfte brauch, fir zu Lëtzebuerg kënnen drun ze participéieren. Dat ass de Minimum, wat mer mussen hunn. An et stellt sech deen Ablack awer och eng Fro, wéi mer dann déi Persounen identifizéieren, déi do matmaachen.

Et ass kloer, datt een de Gebuertsdatum muss vun deene Leit hunn, well soss kréie se e bësselche Schwierigkeeten, fir déi ze identifizéieren. A mir hunn haut en Numéro de matricule, do hu mer de Gebuertsdatum plus dräi Zuelen. Et geet also héchstwahrscheinlech dorëm, ob een déi dräi Zuelen dann elo muss mat publizéieren oder net.

Ech wëll och drop hiweisen, datt den 30. November 2010 de Contrôleur européen pour la protection des données en Avis positif zu där Iddi ginn huet, fir déi Matriculesnummere public ze maachen.

Et gesäit een also, datt um lëtzebuergeschen Niveau eng aner Attitüd ass, an ech huelen un, datt dat Ganzt geet ëm déi dräi Zuelen, déi mer do en plus hu par rapport zu anere Länner.

An deemselwechte Kontext stellt sech dann natierlech och nach d'Fro vun den europäesche Fonctionnaires, déi hei zu Lëtzebuerg sinn, beispillsweis. Déi hu keng Matriculesnummer, déi kéinten also net un esou engem Referendum participéieren. Dofir wier et gutt, wa mer dat och nach géifen an deenen Debatte mat der Commission européenne eng Kéier kucken, wéi een dat soll da praktesch upaken, wat fir eng Donnéeën do eventuell sollten zrëckbehale ginn.

Et ass also, mengen ech, nach munches um Niveau vun der Technik a vun der Informatik ze kucken, datt een déi Persounen identifizéiert, déi matmaachen. An datt een do awer och e System huet, deen awer och vérifiable ass a wou et net zu Abusé ka kommen, datt d'Leit an e puer Länner oder op e puer Plaze sech melden, fir un esou engem Referendum deelzehuelen.

Déi zweet Saach, déi ee muss festhalen, dat ass datt, wann esou eng Millioun Ënnerschrëften zesummekënnt, da muss d'Commission européenne en Avis juridique ginn, dat heescht, déi juristesche Aspekter kucken, an och e politeschen Avis. An da weess keen, wat domadder geschitt. Da ginn d'Leit jo gehéiert.

Logesch wier et gewiescht, datt, wann en Accord fonnt gëtt fir dat Juristescht an dat Politesch, dann awer iergendepes misst domadder geschéien. Gëtt dat e Referendum? Gëtt dat e Projet de directive? Wat soll domadder konkret geschéien?

Do schéngt mer e gewëssene Flou artistique ze sinn. Et wier dofir interessant, wann een dat eng Kéier géif an der Praxis duercherexeréieren. Mä vläicht weess d'Regierung e bësselche méi, wéi si sech dat virgestallt hunn, wéi se deen Text do adoptéiert hunn.

Dann, also prinzipiell, mengen ech, ass dat eleiten awer eng gutt Initiativ, déi mer um Niveau européien hunn, fir de Bierger ze erlaben, bei wichtegen Décisiounen, oder wou si mengen, wichteg Décisiounen ze hunn, fir déi kënnen ze initiéieren oder Initiativen ze huelen. Et ass also eppes Positives, mä da muss awer och eppes duerno erfollegen.

Sou datt mer also mat deem Gesetzesprojet, deen hei virläit, kënnen dermat d'accord sinn.

Ech wëll awer och an deemselwechte Kontext d'Regierung an och d'Chamber nach eng Kéier drop opmierksam maachen, datt mer heiansdo Problemer hu mat de Règlements européens, déi d'application directe sinn. Well ganz oft gesi verschidden Direktive vir, datt de Règlement européen kann déi national Gesetzgebung hei zu Lëtzebuerg ëmänneren. Ech wëll nuren dat virgesinn a Matière Santé, a Matière agricole an a Matière vum Marché public, wou dat regelméisseg geschitt a wou deen Ablack d'Regierung iwwert d'Publication d'informations am Mémorial B dat dann de Leit public mécht.

Ech mengen, et wier awer gutt, datt, wa Gesetzgebungen iwwer e Règlement européen ëmgeännert ginn, mer deen Ablack dat awer géifen iwwert d'Verfassung, iwwer ons Gesetzgebung hei awer encadréieren, datt dat och offiziell deen Ablack am Mémorial publizéiert gëtt an datt déi Gesetzgebung, déi geännert ginn ass, datt déi deen Ablack och integral am Mémorial an hirer neier Versioun publizéiert gëtt.

Dat ass eng institutionell Fro. Ech huelen un, datt de President vun der Commission des Institutions eng Kéier sech wäert domadder befaassen. Ech hunn och offiziell de President vun der Chamber doriwwer informéiert, datt mer do mussen awer eng Reglementatioun fannen, well et gesäit een, datt d'Importenz vun dem Règlement européen och hei bei deem Gesetzesprojet, bei dëser Initiativ awer ganz wichteg ass.

An et geet och drëm, datt d'Bierger dobauss genau wëssen, wat d'Gesetzgebung hei zu Lëtzebuerg ass, an dat net mussen iwwer europäesch Gremien doruechter siche goen, wat dann hei zu Lëtzebuerg an der Gesetzgebung geännert huet. Dat gesot, wëll ech nach eng Kéier den Accord vun der ADR zu deem Gesetzesprojet bréngen.

► **M. Ben Fayot** (*LSAP*).- Här Henckes, ech hunn dat do net verstanen.

## (Hilarité)

► **M. Jacques-Yves Henckes** (*ADR*).- Also, Här Fayot, ech kann lech just nuren e Beispill ginn. Bei de Marchés publics, do kënnen d'Direktiven op verschiddene Punkten ëmgeännert ginn, beispillsweis wat Montanten ugeet, déi an onser Gesetzgebung dra sinn, vu wat fir engem Seuil un een e Marché public européien muss maachen. Déi Seule si bei ons an der Gesetzgebung publizéiert, mä deen Ablack, wou e Règlement européen kënnt, deen all zwee Joer geholl gëtt, kënnen déi Montanten do änneren.

Mä dat gesäit een net an dëser Gesetzgebung am Mémorial. Et gëtt net am Mémorial publizéiert. An ech fannen dat net gutt, well deen Ablack hu mer e Gesetz hei, wat seet, e Montant x, an um europäeschen Niveau gëllt awer eng aner Gesetzgebung, en anere Montant wéi deen, deen hei bei ons an der Gesetzgebung steet.

Da kënne se och nach verschidden aner Saachen änneren, wat den Text ugeet, wat d'Authoritéiten ugeet an esou weider an esou virun, wou ee kann esou Recoursé maachen. An och do, mengen ech, sëtzt een op eng Kéier hei virum Fait accompli. Dat heescht, datt d'Regierung, wéi se dat elo gemaach huet... Am Ministère des Travaux publics maache si eng Communication informative, datt d'Gesetzgebung zu Lëtzebuerg geännert huet iwwert d'Basis vun engem Règlement européen.

Ech mengen, et misst ee sech vläicht eng aner Prozedur afale loosse, wéi se dat notament a Frankräich gemaach hunn, wou deen Ablack eng Loi modificative dat direkt publizéiert.

► **M. le Président.**- Okay. Merci dem Här Henckes. Ech hoffen, datt elo alles kloer ass. An da kënnt als nächste Riedner den Här Urbany, deen nach agedroen ass.

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Merci, Här President. Et ass elo virdu gesot ginn, d'Europäesch Unioun wier eng representativ Demokratie. Ech wëll dat awer hei relativéieren, well wann dat och vläicht esou ass, dann ass et awer eng mat engem wesentlechen Defizit an hirer Struktur. Dat ass deen, dass d'Europäescht Parlament keng eigentlech legislativ Befugnisser huet. Déi legislativ Befugnisser, den Droit d'initiative législative geet aus vun der Europäescher Kommissioun, wat éischter eng Regierungsstruktur ass, wéi eng Struktur, déi direkt oder och nëmmen indirekt vun de Leit géif gewielt ginn.

Ech mengen also, wann ee ka vu representativer Demokratie schwätzen an Europa, ass et héchstens eng um zweeten Niveau, héchstens eng indirekt representativ Demokratie. Op jidde Falls net eng esou wéi mer se an den Nationalstaaten kennen, wou d'Parlamenten eng wesentlech zentral Roll spillen um legislative Plang. Dat ass an Europa net esou.

Et ass jo och ëmmer geschwat ginn, Europa hätt en europäeschen Defizit - dat ass och haut nach esou -, mä ech mengen, haut kënnt nach een Element derbäi. Dat heescht, deen demokrateschen Defizit huet sech am Fong geholl ausgedehnt zu enger wierklecher Kris vun der Demokratie, wéi mer se haut feststelle bei der europäescher Gouvernance, déi jo e Resultat ass vun der Kris um ekonomesche Plang, mä déi awer selwer och en Ergebnis ass vun enger wierklecher demokratescher Kris, an zwar duerch, dass nei Strukturen geschaf ginn, déi iwwert de Länner stinn, déi och iwwert der Souveränitéit vun de Parlamenten stinn.

Strukturen, déi geschaf ginn duerch déi zwee Traitéen zum Beispill, déi hei an der Chamber déposéiert gi sinn an déi musse ratifizéiert ginn, déi et esou ongewielte Gremiën méiglech maachen, den nationale Souveränitéit vum de Parlamenten awer ganz wesentlech Beschränkungen opzërleeën. An zwar op wesentleche Punkten, déi awer bis elo d'Adhésioun vun de Leit zu den demokratesche Regeln an deenen eenzelne Länner ervirgeruff hunn, wéi déi sozial Thematik.





Ech mengen, wann esou europäesch Gremien eis virschreiven, wat mer sollen zum Index beschleissen, wat mer zu de Rente solle beschleissen, wat mer sollen zum Mindestloun beschleissen, da muss ee jo awer dermat d'accord sinn, dass do iergendee Problem ass an dass och d'Adhésioun vun de Leit zu esou Strukture sech a Grenzen hält.

Den Här Wilmes huet virdu gesot, Europa misst an de Käpp an an den Härzer vun de Leit verankert ginn. Jo, dat ass wouer, mä dat ass awer net de Fall de Moment. Et ass éischter de Contraire de Fall.

Am Fong geholl muss ee feststellen, grouss Momenter vun der europäescher Demokratie, dat waren déi Referenden. Déi waren an deenen eenzelne Länner zum Europäesche Verfassungstraité, och hei zu Lëtzebuerg 2005. Dat ware grouss demokratesch Momenter, wou och wierklech iwwer europäesch Themen diskutiert ginn ass. Wat ass awer geschitt? Et ass en neien Traité ausgedandelt ginn. Deen ass kengem demokratesche Referendum méi duerno ënnerworfen ginn.

Dat, wat hei votéiert gëtt - ech wäert derfir stëmmen -, dat ass awer keng Participatioun, wéi den Här Meyers sot. Et ass éischter e Virschlagsrecht vun de Leit un d'Europäesch Kommissioun, déi net obligéiert ass, dat unzuhelen.

Et kann awer en Element si vu Mobilisatioun dobaussen an der Bevölkerung fir europäesch Revendicatiounen, fir Themen, déi wichteg sinn. Esou huet zum Beispill d'europäesch Lénkspartei esou eng Initiative citoyenne ugekënnegt iwwer en europäesche Solidaritéitsfong.

An ech sinn do och d'accord mat deem, wat hei vun...

► **M. le Président.**- Här Urbany, Dir misst lues awer sécher zum Schluss kommen.

► **M. Serge Urbany** (déi Lénk).- ...de Kollege gesot ginn ass. Esou Initiative kënnen eng gewësse Mobilisatioun erviruffen.

Op jidde Fall ass et awer ganz kloer, dass d'Mobilisatioun an d'Ännerung an d'Verbesserung vun der europäescher Demokratie nëmme vun enne kënnen kommen. Déi europäesch Demokratie muss nei vun ennen erkämpft ginn. Dat ass, mengen ech, déi wesentlech Konklusioun, déi ee kann heirauser zéien.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Urbany. Elo kritt nach den Här Ausseminister Jean Asselborn d'Wuert.

► **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères*.- Här President, léif Kollege an Kolleginnen, ech wëll d'Saach kuerz hei maachen, well Dir hutt jo nach villes um Programm. Fir d'Éischt och aus menger Siicht dem Här Paul-Henri Meyers e grouse Merci an och der Kommissioun fir déi Aarbecht. An ech mengen, et bleift mer erspuert, fir elo nach eng Keier an d'Detailer vun der Technik ze goen. Et ass alles hei gesot ginn.

Ech géif duerfir vläicht ufänken, wann Der wëllt, mat deem, wat den Här Fayot gesot huet. Mir wëssen, wat wat fir engem Engagement dass den Här Fayot Europa gesäit, och eist Parlament an Europa gesäit. An ech sinn, mengen ech, net ganz mat em d'accord, wann e seet, dass zu Lëtzebuerg d'Regierung verschidde Kritik misst astiechen heiranner. Ech wëll mech och explizéieren.

Ech mengen, et ass kee Minister, Här Fayot - an dat wësst Der och an Ärer Qualitéit -, deen net gäre bei lech an d'Kommissioun kënnt an deen net gären Opschloss gëtt iwwer alles, wat mat Europa ze dinn huet, an dass mer wierklech och ëmmer probéieren - an dat ass jo dat Wesentlecht -, eis och an d'Haut ze versetze vun de Lëtzeburger Parlamentarier, wa mer zu Bréssel sinn.

Ech kann lech just zwou Saache soen.

Dat eent, dat ass, an do ginn ech vläicht... Ech sinn net skeptesch, mä ech hoffen awer, dass an Europa an deenen nächste Méint eng gewëssen Theatralik erëm Plaz mécht, fir d'Féiss um Buedem ze hunn, an un d'europäesch Solidaritéit, dass méi dorunner appelléiert gëtt. Mir waren an all deenen Diskussiounen och am Conseil Affaires générales als Lëtzebuerg déi Eenzeg, well mer och un d'Reflexer vum Parlament denken, déi gesot hunn, dass et gutt wier, wann an deene 17 Länner - an deene 17 Länner! - misst de Fiskalpakt ratifizéiert sinn, ier en a Kraaft géif trieden.

Ech kann lech just soen, dass mer allein, allein auf weiter Flur waren, dass et Länner gi sinn, wéi zum Beispill Spuenien, déi gesot hunn, mat néng misst dat duergoen. Et versteet een net ëmmer d'Logik, mä ech mengen awer aus Respekt virun den nationale Parlamentarier misst et jo sinn, dass eng méiglechst grouss Zuel misst mat esou engem Fiskalpakt d'accord sinn, fir dass e kann en vigueur trieden.

Mir hunn och ëmmer plädéiert, fest a manner fest, dass villes - villes; 90% - vun deem Fiskalpakt hätt kënnen en droit secondaire décidéiert ginn, ouni op dee Wee, dee schwierege Wee hei ze goen. Dat hu mer och hei am Parlament scho gesot, wou jo elo mindestens an Irland wäert e Referendum stattfannen. An anere Länner, wéi zum Beispill a Frankräich, weess ee guer net, wéi et ausgeet.

Mä, ech mengen, do kënnt Der lech drop verlossen, Här Fayot, dass déi Leit, déi zu Bréssel verhandelen, de Reflex vun der Chamber an d'Intérêt vun der Chamber selbstverständlech och mat op Bréssel huelen.

D'Madame Brasseur huet - an den Här Fayot huet dat gekontert - dat Wuert „skeptesch“ gesot. Ech huelen un, dass skeptesch éischter doranner bestanen huet, dass een elo net hei soll vläicht eng iwwerdimensional Euphorie entwéckelen, dass Europa do derduerch kéint immens Schrëtt virubruecht ginn. Mä ech géif awer mengen, dass den Här Fayot recht huet, Madame Brasseur, dass mat deem Instrument, wat mer elo hunn, Verschiddenes awer kéint op de Wee bruecht ginn, wat och kéint dem Europa vun der Citoyennetéit, vun de Bierger hëllefräich sinn.

Wann ech mech gutt erënneren, war et den Här Braz, deen iwwer eng europäesch Finanztransaktionssteuer geschwat huet. Ech betounen: „eng europäesch“, net eng vu 17 Länner, mä eng europäesch Finanztransaktionssteuer. Ech géif och mengen, Här Urbany, dass dat zum Beispill och en Instrument kéint sinn, fir net géint d'Sozialpolitik an Europa virzegoen, mä fir zum Beispill en europäesche Mindestloun op de Wee ze kréien.

Der wësst, dass d'Kommissioun d'Virschlagsrecht huet - dat ass nun eben esou - an Europa, an dass, wann esou eng Moosnam géif vläicht gedroe ginn iwwert dat Instrument hei, d'Kommissioun do ganz, ganz schlecht druwier, fir deen Droit d'initiative op deem Punkt dann net ze respektéieren. Et muss een d'Saachen net ëmmer nëmmen negativ dréien, et kann ee se och a mengen Ae positiv dréien.

Dat nämlecht kéint ech mer virstellen... An den Här Wilmes huet mat Recht alles entwéckelt, wat elo hei am Sënn vun Europa vun de Bierger ass. Mä ech mengen, am Europa vun de Bierger wier och, dass de Service d'action extérieure vun der Europäescher Unieon och do wier fir d'Bierger. Dir wësst, mindestens ee Land - e Land, wat eng Insel ass a wat net däitsch an net franséisch schwätzt, och net lëtzebuergesch -, dat stäipt sech vehement do dergéint.

Mä ech ka mer awer... Ech hunn et wierklech schwéier, engem Lëtzeburger ze erklären, wann en an Neuseeland ass oder an Australien, wou keng Lëtzeburger Ambassade ass, an e kënnt bei d'Delegatioun, bei d'Ambassade vun Europa, et ass jo elo net méi d'Kommissioun, d'Europäesch Ambassade, an e géif do ofgewise ginn, wann e säi Pass verluer hätt. Ech mengen, dat si Saachen... Mir bezuele jo och allegueren! Mir! Och d'Lëtzeburger Steierzueler bezuele fir dee Service d'action extérieure, also misst och menger Meenung no do de Frang eng Keier falen. An dat wier och e Punkt, wou ech menge géif, dass dat hei kéint eventuell en Instrument sinn, fir do e wéineg Gas ze ginn.

Den Här Henckes huet eppes gesot, wat vläicht net esou ganz richtig war. En huet sech gutt verstanen. Et ass net esou, Här Henckes, dass, wann zu Lëtzebuerg 4.500 Leit d'accord sinn, dass dann... Also, et mussen zu Lëtzebuerg 4.500 Leit d'accord sinn. Et ass esou, wann a siwe Länner de Quorum erreecht ass, och wann et der zu Lëtzebuerg keng 4.500 sinn, ass déi Initiativ awer da gutt. Duerfir...

Bon. Ech wëllt vläicht och nach soen, dass bei deene Froen, déi virun allem opgewéckelt gi sinn an déi den Här Paul-Henri Meyers als Rapporteur, mengen ech, ganz gutt belicht huet. D'Madame Fayot an anerer hunn doriwwer... D'Madame Brasseur an anerer hunn doriwwer geschwat.

(**Hilarité et interruptions**)

Et ass haut net mäin Dag.

► **Mme Anne Brasseur** (DP).- Jo, jo, jo. Décidément! Décidément!

(**Hilarité et brouhaha**)

► **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères*.- Neen, ech war gëschter ënner Narkos. Ech mengen, ech hunn eng Kleng am Kanälli.

(**Hilarité générale**)

Sou! Ech wollt soen...

► **Mme Anne Brasseur** (DP).- Wéi war déi Expressioun? Déi huet mer nawell gutt gefall.

► **Une voix.**- E war gëschter an der Narkos.

**M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères*.- Madame Brasseur, ech wollt soen, dass bei der Geschicht vun der Matricule... Also, wa mer eis elo do richtig awer trotzdeem an d'Realitéit versetzen, dann ass et och eréischt am allerleschte Moment, Här Paul-Henri Meyers, wou dee Problem do an der Kommissioun zum Virschäin komm ass. Esou dass ech net géif mengen, Här Fayot, wa mer elo och virdu laang driwwer geschwat hätten, dass mer dat direkt dénichéiert hätten.

Dat hutt Dir mer am leschte Moment opgeworf, well déi Kommissioun selbstverständlech mat guddem Recht dann och do Bedenken ugemellt huet, dass ee soll déi ganz Matricule do uginn. Ech kann lech soen: Et war eng Affär vun enger Minutt an der Regierung, nodeem dass Dir an och den Här Fayot mat mer geschwat haten. An deem Regierungsrot duerno war et eng Affär vun enger Minutt, wou mer gesot hunn: Also, zu Lëtzebuerg, wann ee säin Numm, säi Virnumm, säi Gebuertsuert, säi Gebuertsdatum an och nach do, wou e wunnt, ugëtt, ech mengen, da kënnen mer keng esou grouss Fraudë maachen. Da fanne mer lech.

An och, wann dann een zweemol drop ass, mäi Gott, ech mengen, da soll een do mat de Féiss um Buedem bleiwen. Mir hunn elo, wéi dat da richtig heescht, well ech mer haut selwer net trauen, awer iwwert deen Acte délégué e Brëif geschriwwen. An d'Kommissioun ass och d'accord, dass dat da finaliséiert gëtt.

Ech géif mengen, och wann dat elo den 1. Abrëll nach net ganz fäerdeg ass, dann ass dat awer ganz séier an der Rei. An da si mer op deem Wee, wou och aner Länner drop sinn, dass ee mam Numm a mam Virnumm a mam Gebuertsdatum, mam Gebuertsuert a mat der Nationalitéit oder wat et nach ass, oder do, wou ee wunnt, dass een dann do kann eens ginn.

Firwat war eigentlech e Problem mat de Carte-d'identité a mat de Päss? Dat muss ee jo och vläicht elo e wéineg gesinn. Also, et huet net jiddwereen eng Carte d'identité, an et huet och net jiddwereen e Pass. Et kann een also net dat eent hunn oder dat anert hunn. A bei eise Carte-d'identité, ech weess dat elo net honnertprozenteg technesch, mä do ass nach net dee System, dass déi Matricule, déi dropsteet op de Carte-d'identité... Do gëtt et nach zwou verschidde Saachen.

Déi sinn nach net allegueren op deemselwechten Niveau. Duerfir dauert dat nach e wéineg, bis deen Niveau do erreecht ass, wou d'Matriculesnummeren op de Carte-d'identitéen dann alleguer och déi nämlecht Garantie ginn. A well dat net de Fall ass, well mer nach zwou verschidden Zorte Matriculen op de Carte-d'identitéen hunn, ass dat och keng Léisung gewiescht. Duerfir hu mer dann dovunner ofgesinn; mat Ärer Hëllef selbstverständlech. An d'Chamber ass jo gradesou wichteg, wann net méi wichteg, wéi d'Regierung am legislative Prozess.

(**Interruption**)

Mir hunn dat dann zesumme lancéiert. Op den...

(**Interruption**)

Voilà!

Sou! Elo huet d'Madame Brasseur nach eppes gesot gehat vun der Éducation. Ech mengen, do hutt Der e gudder Punkt. Mä mir mussen awer och wëssen, dass mer d'Kommunikatioun un de Bierger, zum Beispill, wann ech dierf hei e wéineg Reklamm fir den Europaforum maachen. Dat ass e Site vun der Regierung, dee mer scho ganz laang hunn, dee ganz vill besicht gëtt - mä esou, wéi ech héieren, virun allem vu Spezialisten -, mä dass een och d'Leit dorobber bréngt.

Op deem Europaforum ass och déi ganz Informatioun. Och dee Guide, dee vun der Europäescher Kommissioun erausgi gouf, ass dodrop. Wann d'Leit dee consultéieren, dat ass ganz einfach ze fannen, um Site och vum Stat, dass dat och vill hëlleft, fir do all Detailer ze kréien.

Voilà, Här President! Ech mengen, ech hunn dat meescht gesot, wat ech haut kann a capabel sinn ze soen.

Merci villmools.

► **M. le Président.**- Merci, Här Ausseminister. Domadder wier d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6325 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Lucien Clement), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden (par Mme Martine Mergen), Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par M. Marcel Oberweis), Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Félix Eischen), Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel (par M. Alex Bodry), Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Scheuer), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Fernand Etgen), Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helmingier, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Claude Meisch) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(**Assentiment**)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kéimen dann elo fir d'Alleréischte zu enger Question urgente, nämlech d'Question urgente N°1991 vun der Madame Josée Lorsché an dem Här Félix Braz iwwert de Conseil national pour étrangers. D'Auteure vun der Fro hu fënn Minutten Zäit, fir hir Fro virzedroen, an d'Regierung zéng Minutten Zäit, fir drop ze äntworten. Den Här Braz hält d'Wuert.

## 6. Question urgente n°1991 de M. Félix Braz et de Mme Josée Lorsché sur le Conseil national pour étrangers

► **M. Félix Braz** (déi gréng).- Merci, Här President. Ech mengen, esou laang brauche mer net. Merci fir d'Unerkennung vun der Urgence a Merci och der Ministesch, dass se de Mëtteg nach konnt an d'Chamber kommen. Et ass eng gemeinsam Question vun der Madame Lorsché a vu mir. Si huet mech gebieden, se virzedroen.

Den 28. Mäerz sinn d'Wahle fir de Conseil national pour étrangers. An den Délai, deen d'Associatiounen hunn, fir hir Wieler ze designéieren, dee leeft an net manner wéi enger Woch, den 13. Mäerz, of. Bei vieregte Wahle fir den CNE war et emol esou, dass duerno Kritiken opkomm sinn, dass déi Nimm vun de Kandidaten ze spéit ukomm wieren.

Elo leie mer jo an den Délaien, fir dat an engem besseren Délai kënnen ze maachen. Dofir wollte mer just vun der Madame Minister wëssen, wéini a wéi dass déi Keier d'Wieler vun den Associatiounen iwwert d'Nimm vun de Kandidatinnen a Kandidaten an d'Bild gesat ginn, fir och nach kënnen, le cas échéant, mat hirer Associatioun doriwwer ze diskutéieren, wéi se sech solle bei de Wahle fir den CNE behuelen.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Braz. An d'Wuert kritt d'Madame Familljeministesch.

► **Mme Marie-Josée Jacobs**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Här President, ech wollt froen, ob ech déi Minutten, déi ech elo net géif brauchen, kann herno bei deen nächste Projet derbäischreiw loossen.

► **M. le Président.**- Majo. Elo äntwert Der emol op dem Här Braz seng Fro, an da kucke mer virun.

► **Mme Marie-Josée Jacobs**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Da loosse mer eis emol iwwerraschen.

Also, den Här Braz an d'Madame Lorsché hu gefrot, wéini datt déi Lëscht géife publizéiert ginn. Dorobber kënnen mer äntworten, datt, esou wéi et och an der Vergaangenheet wor, déi Lëscht publizéiert ginn tëschent dem 13. an dem 28. Mäerz 2012 an dem OLA.

Da si se awer nach net definitiv bis den 20. Et kënnen do nach Ännerunge kommen. Esou steet et am Règlement grand-ducal dran. Dat